LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Äntwert vun der Madamm Yuriko Backes, Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, op d'parlamentaresch Fro n°4970 vum 20. Oktober 2026 vun der honorabeler Deputéierte Stéphanie Weydert betreffend Navigatiounssystemer fir Camionë.

Huet de Ministère Kenntnis vun dëser Problematik? Wa jo, ginn et Statistiken iwwer Fäll, an deene Camionen oder aner grouss Gefierer sech opgrond vun hiren Navigatiounssystemer a Stroosse verfuer hunn, déi net fir si gëeegent sinn?

De Ministère ass sech der Situatioun bewosst, dass Camionë oder aner grouss Gefierer méi oder manner reegelméisseg Stroosse benotzen, déi net un hire Gabarit ugepasst sinn. Et gi keng zentraliséiert Daten oder Statistiken, déi et géifen erlaben eendeiteg festzestellen firwat dat geschitt, an am Speziellen net ob déi Gefierer vun engem Navigatiounssystem dohi geschéckt goufen. No Réckmeldungen aus der Praxis kéint eng Ursaach sinn, datt verschidde Camionneure Navigatiounssystemer benotzen, déi fir Autoen geduecht sinn a net fir Camione. En Autos-Navi berücksichtegt natierlech keng Camions-spezifesch Restriktioune wéi Héichtebegrenzungen, Gewiichtslimiten oder ongëeegent Stroossegeometrien.

Wéi eng Mesurë ginn et aktuell, fir ze verhënneren, datt Navigatiounssystemer Camionen duerch Stroossen a Wunnquartiere féieren, déi net fir de Schwéierverkéier gëeegent sinn? Besteet an dësem Kontext eng coordinéiert Zesummenaarbecht tëscht dem Staat, de Gemengen an den Ubidder vun Navigatiounssystemer, fir lokal Verkéiersbeschränkungen an déi entspriechend digital Kaarten ze integréieren?

En Navigatiounssystem rechent de mathematesch schnellste Wee tëscht zwee Punkten op Basis vun enger digitaler Kaart, déi vu privaten Ubidder permanent à jour gesat gëtt. Soulaang eng Strooss fir eng bestëmmte Kategorie Gefier zougänglech ass, kann si am Kader vun enger Trajetsberechnung berücksichtegt ginn. Déi wierksaamst Moossnam, fir Transitverkéier, dorënner och Schwéierverkéier, aus bestëmmte Stroossen erauszehalen, bleift dofir och am digitalen Zäitalter eng kohärent Verkéiersorganisatioun duerch Verkéiersberouegungs-moossnamen an ugepasste Circulatiounsschemen, déi de Verkéier op déi dofir virgesi Verkéiersachsen orientéieren.

Wat déi digital Informatioun iwwert esou Moossnamen ugeet, sou liwwert d'Gesetz vum 31. Juli 2026 « relative au déploiement et à l'utilisation de systèmes de transport intelligents » (ITS) den noutwendege Kader an déi entspriechend standardiséiert Formater fir den Austausch vu Verkéiersdaten. Zu Lëtzebuerg besteet d'Approche doran, Verkéiersdaten a Verkéiersbeschränkungen esou wäit wéi méiglech standardiséiert zur Verfügung ze stellen. D'Gemenge spillen dobäi eng wichteg Roll, well si iwwer vill lokal Reglementer a Verkéiersmoossname verfügen. Si kënnen dës Informatiounen iwwert de sougenannten „National Access Point" data.public.lu publizéieren, fir se de Mobilitéitsdéngschtleeschter an den Ubidder vun Navigatiounssystemer zougänglech ze maachen.

Ginn et op europäeschem Niveau Initiativen oder konkret Mesuren, fir sécherzestellen, datt Navigatiounssystemer fir Camionen d'Dimensiounen an d'Gewiicht vun de Gefierer souwéi déi lokal Verkéiersbeschränkunge berücksichtegen? Falls jo, wéi eng Positioun vertrëtt Lëtzebuerg an dësem Dossier?

D'ITS-Gesetz transposéiert d'ITS-Direktiv, wat déi europäesch Äntwert op genee déi Fro vum zilféierenden Austausch vu Mobilitéits- a Verkéiersdaten ass. Lëtzebuerg ënnerstëtzt dës Approche a setzt déi entspriechend europäesch Virgaben duerch den nationale Kader fir ITS ëm – cf. d'Äntwert op d'Fro 2.

Gesäit d'Madamm Ministesch Handlungsbedarf, fir d'Informatioun vun de Camionschaufferen an d'Zesummenaarbecht mat den Ubidder vun Navigatiounssystemer ze verbesseren, fir esou den onnéidege Schwéierverkéier duerch eis Dierfer ze reduzéieren?

Et gëtt op d'Äntwert op d'Froen 2 an 1 verwisen.

Lëtzebuerg, den 17. November 2026

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes